Freux bei Libramont

Och dëst Joer ass de Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op Freux gefuer fir mat der Méck ze fëschen. All Joer op een Neist freeë mir eis fir op dëser Plaz ze fëschen ewell dat ëmmer verbonnen ass mat eiser Grillade an der Mëttesstonn. A punkto Gesellegkeet gëtt et näischt méi Flottes wéi zesummen ze grillen an Dëst gehéiert bei onserem Club onbedéngt dozou a gëtt och ëmmer erëm op een Neist zelebréiert. Eise President, de Jeek, hat sech och dës Kéier eng Éier draus gemaach eis ze bekäschtegen an et huet eis un Näischt gefeelt, wéi dunn och nach d´Marie – Paule als Kréinung den Dessert zum Beschte ginn huet, dunn ware mir erëm ofgefëllt bis an dee leschte Wénkel. Dass d´Gesellegkeet beim Fly Fishing Club ëmmer grouss geschriwwe gëtt ass jo näischt Neies mee esou eng Grillade ass awer ëmmer nach eppes Besonnesches ewell een heibäi gutt Zäit huet fir mateneen ze poteren an natierlech ginn et och, ewéi bei all Club, Memberen déi dat besonnesch gutt kënnen.

Elo awer zum fëschen, genee wéi schon am vergaangene Joer ass direkt opgefall dass vill um Site geschafft ginn ass fir Dësen ze valoriséieren esou dass ee vun engem, gutt organiséierten a gefouerte Site fir mat der Méck ze fësche schwätze kann, d´Urees huet vun Esch Uelzecht aus eng

gutt Stonn gedauert, wat och an den Norme vun de meeschte Weiere läit. De Weier war gutt besat mat Reebouforellen an déi sëlleche Schwärm vu Pijen a Wäissfësch deiten och drop hin dass d´Waasserqualitéit excellent muss sinn. D´Fësch déi gefaange gi si waren an top Form an hun eis Alles ofverlaangt och wann Dës net esou einfach ze fänke waren.



Ewéi ech et schonn ugedeit hat war et awer net einfach Fësch ze fänke mee wann een ee Fësch gefaangen hat da waren et ausnamslos gutt genierte Fësch déi och ganz kampfstaark waren. Fir unzefänken hate mir et , ewéi bal ëmmer mat allerlee Streamere probéiert, dëst sollt ee Mol fir eng Kéier awer net déi vill - verspriechend Method sinn. Mee a Abee Mol hate mir den Albert erbléckt deen sech heemlech aus dem Stëbs gemaach hat an am gaange war ee Fësch nom aneren ze fänken. Do hunn mir eis natierlech op de Wee gemaach fir deier Saach op de Grond ze goen an, hei elei kuck elei, den Albert huet mat dresche Mécke gefëscht an net nëmmen dresche Mécke, mee och richteg déck Brummeren. Séier hate mir ëmmontéiert an dunn hunn och mir eis Fësch gefaangen. De Sedat hat sech ee Boot geléint an Hien an de Jemp hunn dunn konnten och an der Mëtt vum Weier fëschen. Den Aender, deen ewéi ëmmer deen Éischte Moies beim Waasser war, hat uewen am Alaaf vum Séi ugefaange, wat normalerweis eng Top Platz ass, Hien war awer an ee Schwarm klenger Pije geroden an hat all zweeten Aworf eng kléng Pij drun, deemno hat Hien op dëser Plaz och net esou vill Forelle fänke kënne wéi dat normalerweis de Fall ass.